# Sessioun:Feier a Kachen

# Skript fir d'Kandidaten

# STIP

Hei fannt dir d'Äntwerten op d'Froen, déi dir während der Sessioun „en passant" gestallt krut!

**Wou kenne mir ee Feier maachen ?**

- fräi Plaz sichen,
- Buedem net ze naass oder net ze suppech
- net ennert engem Bam oder bei enger Heck,
- net beim Haus oder bei den Zelter,
- Feierplaz fräimaachen vu Blieder, Äscht, Gras, mir leeen d'Steng am Krees fir dass d'Feier net iwwergräift

**Wéi maache mir d'Feier ? Wat fir een Holz huele mir?**

- Holz vun allen Déckten
- keng greng Aescht vun Beem oder aus Hecken huelen
- fir unzefänken dennt Holz huelen
- Neel an Schrauwen eraushuelen iert mir dat Holz an d'Feier gehäien
- Mir huele keen traitéiert Holz (Faarwen,Lack,Plastik...) fir ze verbrennen

**Wéi baue mir d'Feier op, fir dass et am efficacesten ass?**

- a Pyramideform
- evt. Zeitung an d'Mett
- mir huele kee Bensin oder ähnleches fir d'Feier unzefänken

**Wat ass wichteg fir um Feier ze kachen ? Wéi ennerhale mir d'Feier ?**

- eng grouss Glouss
- wann d'Glouss net grouss genuch ass, Holz nogehäien
- d'Iessen däerf net an der Flam gekacht ginn

**Rezepter « Pakalu » a « Banane mat Schokela »**

Fir de Pakalu an d'Banane mat Schokela brauch ee pro Erwuessenen ongeféier:

Pro Kandidat : 2 mol Aluminiumpabeier

Fir de Pakalu : 150 g Fleesch
2 Gromperen
2 Champignonen
½ Enn
1-2 Tomat
Kabesblad fir ennendran
Schweizer Käis
Sauerram

Fir d'Banane mat Schokela : 1 Banan + 1 Repp Schokela

**Wéi maache mir d'Feier aus? Wéi raume mir d'Feierplaz?**

- Kuelereschter agruewen, mat Buedem bedecken
- wann Waasser do ass, kann een d'Feier domadder läschen
- Mir verbrennen keng Becheren, Fläschen, Plastikstuten, Alufolien...
- Mir verloossen d'Feierplatz net bis d'Feier ganz aus ass
- **Eng gudd gebotzten Feierplatz ass déi, wou een net mierkt, dass eng do war**!!!

**Aspekt Hygiene:**

D'Kandidaten sollen do u verschidde Basic-Saachen erennert ginn!

- d'Iesswueren musse virum Gebrauch kill gelagert ginn.
- virum Préparéiere vum Iessen resp. virum Iessen soll jidderee seng Hänn eemol wäsche goen.
- Oppassen dass den Haltbarkeitsdatum net ofgelaf ass

Desweideren soll de Chef wessen wéi eng Aufgaben d'Kanner kenne bei der Préparatioun vum Lagerfeier iwwerhuelen a wéi een e Lagerfeier an de Programm kann abauen.

Wat kennen d'Kanner bei der Préparatioun vum Lagerfeier hellefen?

- Feierplaz botzen
- Holz siche goen
- Pyramideform opbauen
- Holz nogehäien

Et wier besser wann (am Biber-, Wellefchersalter) de Chef sech drems kemmert fir d'Iessen an d'Feier ze leeën. Déi méi grouss „Kanner" kennen dat natirlech selwer maachen☺!

Iddien fir e Lagerfeier an de Programm anzebauen: Veillée, Nuetsspill, Temps de silence, ...